déi gréng Suessem

Stellungnam zum Budget 2023

Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, léif Employéeën aus dem Service vun de Gemengefinanzen, där Dammen an Häre vun der Press.

Erlaabt mer fir d'éischt och e grousse Merci un d'Mataarbechter vun der Gemeng Suessem fir hir Hëllef beim Opstelle vum Budget vun 2023 auszespriechen. Virun allem déi flott visuell Grafiken, déi si eis virgeluecht hunn, maachen et fir Leit, déi net all Dag eppes mam Budget ze dinn hunn, dach méi einfach, déi net ëmmer einfach Matière ze duerchkucken.

Mär hunn an eise Jore wou mer elo an der Oppositioun sinn, äre virgeluechte Budget entweder matgestëmmt oder eis enthalen, just d'lescht Joer hu mer géint de Budget gestëmmt. Dat weist also ganz däitlech, datt mir net reflexarteg géint de Budget sinn, mee datt mer eist Ofstëmmungsverhale vun der Analyse ofhängeg maachen, déi mer jeeweils gemaach hunn.

Wa mer de Budget 2022 fir d'éischte Kéier ofgeleent hunn, sou war dat net, wéi eis béiswëlleg ënnerstallt ginn ass, aus waltaktesche Grënn, mee eenzeg an eleng, well mer zur Conclusioun komm sinn, datt d'Entwécklung, déi ënnert dem LSAP/CSV-Schäfferot stattfonnt huet, an déi falsch Richtung geet.

Erlaabt mer dofir nach emol ganz kuerz aus menger Ried vum leschte Joer ze zitéieren, wou mer virun allem kritiséiert hunn, datt den Iwwerschoss am ordinäre Budget wéi de Schnéi an der Sonn schmëlzt, an domat d'Handlungsfäegkeet vun der Gemeng staark aschränkt:

Hei meng Wierder vum leschte Joer:

„Wann de Schäfferot hei net séier d'Kéier kritt a kuckt, datt den Iwwerschoss am ordinäre Budget nees substantiell an d'Luucht geet, huet den nächste Schäfferot absolut kee Spillraum méi fir nach d'Politik an eiser Gemeng ze gestalten."

An deem Budget, deen der eis virgeluecht hat, waare just nach 3 Mio € Iwwerschoss, wat eenegermoosse katastrophal ass, virun allem och wann een dat mat anere grousse Gemengen verglach huet, déi bedeitend besser do stinn.

Dir sot elo natierlech, datt den Iwwerschoss am Rectifié op 12 Mio geklommen ass. Dat ass richteg! Allerdéngs ass dat net äre Verdéngscht, et ass bal eenzeg an eleng op d'Tatsaach zréckzeféieren, datt d'Einname staatlechersäits bei 2 Posten däitlech geklomme sinn.

Op där enger Säit huet eis Gemeng 2,4 Mio méi iwwer de Fonds de dotation global des communes kritt ewéi virgesinn, op där anerer Säit hu mer duerch eng Rei Ëmstänn 4,4 Mio méi Recetten ewéi prognostizéiert bei eise Maison Relais. (E Merci nach eng Kéier op dëser Plaz fir déi komplizéiert, awer verständlech Erklärungen, déi mer am Virfeld heizou kritt hunn)

Et ass also dovun auszegoen, datt och déi aner Gemengen do proportional an d'Luucht gaange sinn, an datt dat näischt drun ännert, datt mär par rapport zu vergläichbare Gemengen net gutt do stinn.

Dat gesäit ee jo och dorun, datt de prognostizéierten Iwwerschoss fir d'nächst Joer nees vun 12 op 7 Mio € fält, an dat obscho mer iwwert den Fonds de dotation d'nächst Joer nach emol 3,2 Mio € méi kréien ewéi dëst Joer! Dee „kontinuéierlechen Opwäertstrend" vun deem d'Madamm Buergermeeschtesch an hirer Ried bei der Virstellung vum Budget geschwat huet, gesi mär dann awer net esou richteg.

Eis Kritik vum leschte Joer war also absolut gerechtfäerdegt a si huet och weiderhi Bestand. Dëse Schäfferot huet et a 6 Joer fäerdeg kritt, datt eis Gemeng ganz vill Handlungsspillraum fir déi nächst Joer agebéisst huet.

Dat gesäit een och ganz gutt, wann een d'Emprunten an d'Schold analyséiert.

An de Joren 2002 bis 2017 huet eis Gemeng am ganzen 28,5 Mio € geléint. An deene Joren, wou déi gréng also mat am Schäfferot verantwortlech waren, si pro Joer 1,9 Mio € geléint ginn.

Dir hutt et fäerdeg kritt an enger eenzeger Legislaturperiod 30,5 Mio € ze léinen, wat zimmlech genee 5 Mio€ pro Joer ausmécht.

Dat sinn zimmlech genee 260% méi ewéi déi Zäit wou mär am Schäfferot waren.

An et ass jo och net esou, datt déi 16 Mio déi elo opgeholl gi sinn, nach fir déi nächst Joren do wieren! Nee, si si scho komplett an de Budgeten 2022 an 2023 verbraucht. Dat gesäit een dodrun, datt de Boni definitif um Enn vun 2023 nach just ronn 1,4 Mio € sinn.

Dat heescht am Kloertext, wann all déi Projeten déi an dësem Budget stinn an déi jo och gemaach wäerte ginn, sief et dëst Joer oder d'nächst Joer, da sinn déi Sue fort.

All neie Projet resp. all Projet deen nach net ganz an dësem Budget opgefouert ass, muss nees mat engem neien Emprunt finanzéiert ginn, well dëse Schäfferot eisen Iwwerschoss am ordinäre Budget esou erof gefuer huet, datt domat kaum nach grouss Projete kënne finanzéiert ginn.

An dat kann engem schonn Angscht maache, wann ee weess, wat nach alles op eis Gemeng an den nächste Jore wäert duerkommen.

Ech erënnere just un deen ambitiéisen an absolut noutwendege Programm wat eis Schoulgebaier ugeet, awer och aner Projeten wat déi allgemeng Gemengeninfrastruktur ugeet.

Natierlech si mär eis bewosst, datt eng COVID-Kris, déi nach ëmmer net eriwwer ass a weiderhin hier gesondheetlech, wirtschaftlech a finanziell Auswierkungen wäert hunn, genee esou wéi déi ablécklech geopolitesch an ekonomesch Kris bedéngt duerch de Krich an der Ukrain, e ganz groussen Afloss op eise Gemengebudget hunn, souwuel op Recette- wéi awer och op Dépensesäit.

Mär sinn eis och bewosst, datt et, bedéngt duerch dës net previsibel Krisen, fir de Schäfferot schwiereg war, fir de Budget 2023 opzestellen. Dofir wëlle mär dëst Joer bei eiser Analyse bewosst net „grimmele" goen an all Budgetsartikel eenzel ënnert d'Lupp huelen a kommentéieren, mee an eisen Ausféierunge méi generell bleiwen.

Ausser den 2 virgenannte Krisen, kenne mer 2 aner grouss Krisen scho vill méi laang. Et sinn dat natierlech d'Klimakris an d'Wunnengskris.

Dofir sief et erlaabt drun ze erënneren, datt déi gréng schonn an de leschte Joren, och viru Covid-Kris an Ukrain-Krich, bemängelt hunn, datt et net duergeet fir flott Programmer a Pläng ze entwerfen, mee datt et drop ukënnt fir dës ëmzesetzen an datt een sech besonnesch dofir de néidege finanzielle Spillraum hätt misse ginn, sief et beim Schafe vun abordabelem Wunnraum, beim Ausbau an der Qualitéit vun der Mobilité douce an dem ëffentlechen Transport oder als Virreider a gutt Beispill bei der energetescher Sanéierung vun eise Gemengegebaier an dem Wiessel op erneierbar Energieformen.

Och wann d'Keesen elo manner voll sinn, musse Mëttel a Weeër fonnt ginn fir hei direkt ze handelen a nach méi wéi bis elo aktiv ze ginn. Hei ass

d'Responsabilitéit vum Schäffen- a Gemengerot direkt engagéiert. Et heescht hei déi néideg Prioritéiten an Akzenter fir d'Zukunft vun eise Kanner an all eise Bierger:inen ze setzen.

Zwou Piste fir Mëttel fräizeschëppen hu mer schonn héieren. D'Madamm Buergermeeschtesch sot an hirer Budgetsried, datt d'Gemengeservicer ugewise sinn, op all „nice to have" ze verzichten an sech op absolut néideg Ausgaben ze beschränken.

An d'Madamm Finanzschäffin sot an der Gemengerotssëtzung vum 16. September dëst Joer wuertwiertlech:

„Där kënnt Äre Kapp a Rou leeën…dass mär (de Schäfferot) *all Service, dee bei eis kënnt, erklären, …dass se all Cent zweemol mussen ëmdréien an iwwerleeën ob eng Ausgab gerechtfertegt ass oder net, a mär hunn hinnen däitlech ze verstoe ginn, dass mär net méi alles sou wäerten akzeptéiere wéi et elo ass.* (…) *all Ausgab gëtt a Fro gestallt."*

Tëschent den Zeilen hu mär deemools och ganz däitlech „ab" elo eraushéieren an hunn eis heemlech gefrot ob dat da „bis" elo net de Fall war.

E weidere Punkt op deen ech a menger Ried nach kuerz wëll agoen, ass d'Astellungs- a Personalpolitik.

Eleng wärend der aktueller Legislaturperiod, ënnert der LSAP/CSV Majoritéit, wäert eis Personaldotatioun vu 603 Beamten respektiv 511,96 ETP'en am Dezember 2017 op 817 Beamten respektiv 687,61 ETP'en op den 31/12/2023 klammen, wat en Zouwuess vu ronn 25% bedeit.

Wuelwëssend, datt eis Gemeng vill gutt a kompetent Personal brauch fir de permanent wuessenden Ufuerderunge gerecht ze ginn an hire Bierger:innen een exzellente Service ze bidden, hunn déi gréng virun 2 Joer awer scho fir eng virsiichteg Astellungspolitik plaidéiert an op dëser Plaz gewarnt, datt eleng bedéngt duerch den Avancement automatique an de niddregen Altersduerchschnëtt vun eisem Personal, déi aktuell Personalkäschten vu bal 2/3 vum ordinäre Budget all Joer relativ weider an d'Luucht wäerten goen, och ouni Verbesserunge vu Kollektivverträg oder Punktwäerter. Dozou kommen dann elo och nach déi net previsibel awer fir 2023 vum STATEC erwaarten 3 Indextranchen.

Elo reagéiert de Schäfferot an huet decidéiert fir „praktesch" kee neie Posten am Exercice 2023 ze schafen, wat de facto an zumindest fir 2024 engem Astellungsstopp gläichkënnt. Op den 1. Bléck schéngt dat eng gutt a

räsonabel Entscheedung ze sinn, besonnesch wann et drëm geet fir Suen ze spueren. Och eng eventuell ugeduechte Reorganisatioun an ee konsequent Virundreiwe vun der Digitalisatioun vun eise Gemengeservicer an –Tâchen kënnen d'Effizienz steigeren a Ressource liberéieren. An trotzdeem sollt een d'Dier fir deen een oder anere neie Posten net ganz zoumaachen, z.B. fir den Op- an Ausbau vun engem performante Service Logement.

Ofschléissend.

Och wa mär unerkennen, datt de Schäfferot sech dëst Joer beim Ausschaffe vum Gemengebudget 2023 vill Gedanke gemaach huet, wéi een d'Ausgaben aschränke kann, wäert déi gréng Fraktioun dëse Budget aus de virgenannte Grënn net matstëmmen.

Ech soen Äech Merci fir d'Nolauschteren.

Bieles, den 2. Dezember 2022,

fir déi gréng Suessem,

Alain CORNÉLY
Gemengerot